

# Liewen am Eislek

## la vie des hommes dans la région ardennaise

*"Déi gréisssten Hoffnung fir d'Eislek as Cattenom. Bis elo kennen ech der schons e puer, déi wéint Cattenom an d'Eislek geplennert sin..."  
e Wolzer*

"Liewen am Eislek" as e Buch vu méi ewéi anner-hallwe Kilo, dat de "Ministère des Affaires culturelles" zesumme mam "Centre National de l'audiovisuel" erausgin huet an engem Moment wou mir hei zu Lëtzebuerg eis 150jee reg Onofhängegeet gefeiert hun. Dat gouf dann och vir an d'Buch geschriwwen an esouguer farweg op den Deckel. Wann dat Buch awer e Joer méi fréi oder e Joer méi spéit erauskomm wär, dann hätten se náischt vun denen 150 Joer schreiwe kënnen. Dann hätten se eben eppes aneschtes dra geschriwwen, se wëssen sech èmmer ze hëlfesen.

Op denen éischte Säite vun diem décke Buch soen de "Ministère" an de "Centre" all dene Leit merci, déi gehollef hun dat Buch ze maachen: et sin der e sellechen, an, alles an allem, hun se och eppes färdig bruecht, dat sech weise léisst, op Lëtzebuergesch an op Franséisch, mat enger Onmass schéine Fotoen.

Eit een elo awer un den eigentlechen Text an un d'Fotoe kënnnt, muss e fir d'éischt emol d'Virwieder liesen. A wann een dene gleewe kann, da gouf dat Buch erausgin fir dass hei bei eis d'Liewe vun de "Männer an de Fraen aus dem Norden" besser verstanne sollt gin. Et gët och gesot, dat Buch wär "e Schrack weider um Wee vun der kultureller Entwicklung vun eisem Land". Iwwerhapt soll dat Buch mat Text a Biller endlech emol eng Kéier d'Wouerecht iwwer eng Regioun weisen, déi, wéi et schengt, némme stéckweis zu Lëtzebuerg bekannt ass. Kurz a gutt: "D'Fotografe weise wat se gesin an d'Journalisten an d'Schréftsteller soc wat d'Leit

hinne verzielt hun".

Dat as awer némme zur Halschecht wouer: et stëmmt, dass d'Fotografe weise wat se gesin - an et muss een hinnen e Kompliment fir hir Aarbecht maachen, se hun et färdig bruecht fir dat dagdeeg-lecht Eislek zu weisen, ouni zevill Sonn an ouni zevill Schied. Wat awer elo d'Journalisten an d'Schréftsteller ugeet, déi hu séch d'Saach zevill liicht gemeet. Se stellen zwar de Leit e puer Froen, mä fir de Rescht, do reproduzéiere se némme Wuurt fir Wuurt wat hinnen op den Tounband koum - just, dass se et op Stater Lëtzebuergesch iwwersetzen. Dass se sech elo wuurtwiertlech un déi Äntwerten halen, déi se vun de Leit krit hun, dat huet vläicht sái Charme, mä et ass de Charme vu réie Gromperen. Geschielt an gekacht oder gebroden oder gebootscht géifen se besser schmaachen.

---

**Dass d'Auteuren sech  
wuurtwiertlech un déi Äntwerten  
halen, déi se vun de Leit krit hun,  
dat huet vläicht sái Charme, mä et  
ass de Charme vu réie Gromperen.  
Geschielt an gekacht oder  
gebroden oder gebootscht géifen  
se besser schmaachen.**

---

Wat ech wöll soen, dat as, dass déi, déi um Eisleker Buch geschafft hun, onbedengt dene Leit, déi se interviewt hun, d'Méiglechkeet hätte misse gin, dat ze iwwerliesen an eventuell ze ergänzen, wat se gesot hun. Dat wär liicht no enger éischter Nidderschrëft vum Text méiglech gewiescht. Et wär e bessert Buch derbei erauskomm an et hätt een haut en Text virun sech, dien nët manner éierlech wär mä awer méi liicht

Liewen am Eislek  
la vie des hommes  
dans la région ar-  
dennaise

édité conjointement par  
le Ministère d'Etat, le Mi-  
nistère des Affaires cul-  
turelles et le Centre na-  
tional de l'audiovisuel à  
l'occasion du 150e Anni-  
versaire de l'Indépendan-  
ce nationale.

Septembre 1989, Publi-  
cation Nationale

## **E schéint Buch vun enger Géigend, déi et verdengt hätt, dass een och e gutt Buch iwwer se maache géif.**

verständlech a virun allem och méi komplett. Esou awer fénnt een am Buch némme Stechwiederer an némme Spure vun diem wat d'Eislek as a wat d'Eislek den Eisleker bedeit. An dräizing Kapitele gin e söllechen Themen ugeschnidden, déi onbedengt hätte verdéift misse gin. Dofir blouf awer wéi et schengt keng Zäit. An elo gesait et esou aus, ewéi wann déi Gespréicher mat de Leit iwwerhapt némmen en Alibi gewiescht wären fir mat gudde Fotografen e schéint Buch vun engen Géigend zesummenzestellen, déi et verdengt hätt, dass een och e gutt Buch iwwer se maache géif.

Elo kënnt een emol soen, dat wier eppes Neits: vum Härz op d'Zong, a vun der Zong direkt an d'Dreckerei. Ech weess awer nét, ob een op déi Manéier Bicher maache soll. Wann een op déi Manéier Bicher maache géif, da kéimen der hei bei eis Dag fir Dag méi ewéi 300.000 eraus. Wann een dat bedenkt: 300.000 Bicher den Dag an engem Land, dat nét vill mat Bicher unzefänke weess!

Mä loosse mer net zevill kloen. "Liewen am Eislek" as e schéint Buch an et hätt nét vill gefelt, da wär et och e gutt Buch gin. Eent as secher, e huet vill Aarbecht kascht an et dréit, egal wat een dervun hällt, derzou bái, dass mer eis hei am Land nees eng Kéier un d'Eislek erënneren. Ewell dat as net esou evident fir emol e Wuert ze gebrauchen, dat zénter engen Zäit bei eis grouss Moud as. Déser Deeg hun ech nach an der Zeitung énnert dem Titel "Effectifs des centres d'enseignement complémentaire - Groupe de travail institué" gelies, dass et elo geschwénn zu Lëtzebuerg "un groupe de travail chargé de faire une analyse approfondie de l'évolution des effectifs des élèves dans les différentes régions du pays, y compris le nord..." géif gin. "Y compris le nord" - et schengt, wann ee gären hätt, dass de Norde vum Land nach zum Land soll gezielt gin, da muss een extra drop hiweisen, am beschte mat Hänn a mat Féiss.

Lex Jacoby



Wolfgang Osterheld

Arsdorf/Aarsdorf